LSAP

N°5620
Reçue le 31.01.2022
Déclarée recevable et urgence non reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 31.01.2022

Monsieur Fernand Etgen
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 28. Januar 2022

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës urgent parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

De Coronavirus verbreet sech aktuell mat grousser Vitesse an de Lëtzebuerger Schoulen – besonnesch betraff ass d'Grondschoul. Déi Klengst a soumat och hir Enseignanten, sinn dem Virus dacks nach méi exposéiert, well den Undeel u Geimpften an de betraffenen Alterskategorien méi geréng ass.
An engem rezenten Interview gesäit den Här Minister d'Fuesvakanz als Hoffnung fir de Lycée. Dës dauert bekanntlech am aktuelle Semestersystem zwou Wochen, "a vläicht wier d'Lag duerno eng aner", argumentéiert den Här Minister.

An deem Zesummenhang wëlle mir dem Här Educatiounsminister dës Froe stellen:

- Sollt een net och an der Grondschoul d'Fuesvakanz verlängeren, spréch wéi am Secondaire éischter ufänken?
- Wéi steet den Här Minister zu der Iddi d'Schoul elo an eng verlängert Vakanz ze schécken an dës am Summer, wann Schüler, wéi Enseignanten present sinn nozehuelen?
- Am Secondaire feelen den Ament 8% vum Personal. Wéi ass d'Situatioun am Fondamental? Géif eng Ënnerbriechung vun zwou Wochen am Februar dës net verbesseren, gewosst, dass d'Experten den Héichpunkt un Infektiounen fir ugangs Februar erwaarden?
- Wéi steet den Här Minister zur Iddi, nieft dem Lycée, och an der Grondschoul Semesteren, ab der Rentrée 22/23 anzeféieren?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

Simone Asselborn-Bintz
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 5620 vun den honorabelen Deputéierte Francine Closener a Simone Asselborn-Bintz**

**Ad 1) - 3)**

Et sief drop higewisen, datt och an der Vergaangenheet eng konsequent Analys vun der Evolutioun vun den Infektiounszuelen an der Gesellschaft am Allgemengen an an der Schoul am Spezifeschen et erméiglecht huet, de sanitären Dispositif an de Schoulen den aktuelle Gegeebenheeten unzepassen, fir esou der Verbreedung vum Virus entgéintzewierken a gläichzäiteg de Presenzunterrecht esou mann wéi méiglech ze perturbéieren.

Ufank Februar konnt am Kader vun den Absencë vum Léierpersonal eng liicht Baisse constatéiert ginn, déi an der Woch vum 7. Februar 2022 signifikant méi staark prononcéiert war. Esou sinn an där Woch 16 % vun den Enseignantë manner ausgefall wéi nach Ënn Januar.

Den duerchschnëttleche Pourcentage vum Léierpersonal pro Woch, dat wärend den dräi leschte Woche virun der Fuesvakanz krankheets- oder coronabedéngt ausgefall ass, stellt sech follgendermoossen duer :

| ***Woch vum 24/01/2022*** | ***Woch vum 31/01/2022*** | ***Woch vum 07/02/2022*** |
|---|---|---|
| 11,5 % | 10,5 % | 8,5 % |

Vu déi permanent Evaluatioun vun der Entwécklung vun den Infektiounszuelen, si fir den Ufank vum 2. Trimester 274 Kontrakter vun Agente verlängert an 200 Agenten nei agestallt ginn, déi d'Equippe bei der Ëmsetzung vun Differenzéierungsmesurë bis de 17. Abrëll 2022 ënnerstëtzen an och temporaire Remplacementer assuréiere kënnen. Dës Agenten intervenéieren als zousätzlecht Personal zu de permanente Remplaçanten, déi den Direktiounen zanter der Rentrée zur Verfügung stinn, fir Kuerz- a Laangzäitremplacementer ze assuréieren an esou och ze hëllefen, déi COVID-bedéngten Ausfäll ze kompenséieren.

D'Entspanung vun der Situatioun virun der Fuesvakanz an den Ëmstand, datt d'Ofhale vum Presenzunterrecht an de Grondschoulen och bei héije Personalausfäll zu kengem Moment a Gefor war, hu géint eng Verlängerung vun der Fuesvakanz nom Virbild vum leschte Joer geschwat.

Dobäi kënnt, datt aktuell an de Grondschoulen een Testdispositif en place gesat ass, deen duerch ee reegelméissegt Duerchféieren dräimol d'Woch vu Selbstschnelltester ee séiert Detektéiere vun enger eventueller COVID-19-Infektioun vun engem Member vun der Schoulcommunautéit erméiglecht. No der Detektioun vun engem positive Fall an enger Klass gëtt wärend enger Woch all Dag ee renforcéierten Testing fir d'Schüler an d'Léierpersonal aus der concernéierter Klass ugebueden. D'Duerchféiere vun de Selbstschnelltester gouf ab dem 3. Trimester vum Schouljoer 2020/21 fir d'éischt an de Lëtzbuerger Grondschoulen ëmgesat an den Testdispositif gouf kontinuéierlech weiderentwéckelt. Dëse feste Bestanddeel vum sanitären Dispositif vun der nationaler Educatioun ass ee weesentleche Facteur fir d'Oprechterhale vum Presenzunterrecht an de Grondschoulen an huet

ënnert anerem dozou bäigedroen, datt eng pandemiebedengte Verlängerung vun der Fuesvakanz net opportun war.

**Ad 4)**

Zum Schluss vun all Trimester fannen an de Grondschoulen am Kader vun der formativer Evaluatioun Gespréicher statt, an deenen d'Schülerinnen an d'Schüler sou wéi och d'Eltere reegelméisseg iwwert d'Evolutioun vun de Kanner hirer Kompetenzentwécklung forméiert ginn. Dës Gespréicher si weesentleche Bestanddeel vum Léierprozess, deen unhand vun den Erkenntnisser aus der formativer Evaluatioun de Besoine vum jeeweilege Schüler reegelméisseg ugepasst gëtt. Eenzeg zum Schluss vum Cycle ass ee certifkativen Evaluatiounsmoment virgesinn, an deem evaluéiert gëtt, ob de Schüler d'Kompetenzen erreecht huet, fir säi Cursus scolaire am nächste Cycle weiderzeféieren oder ob hie vun engem Allongement vun der Durée vum Cycle profitéiere misst. D'Eltere ginn an d'Decisioun am Kader vun der certifikativer Evaluatioun intensiv mat agebonnen an et ass deemno onemgänglech, datt si reegelméisseg iwwert hire Kanner hir Kompetenzentwécklung forméiert ginn. Änlech verhält et sech mam Passage vum Enseignement fondamental an den Enseignement secondaire, deen iwwert de ganze Cycle 4 zesumme mat all den impliziéierte Membere vun der Schoulcommunautéit preparéiert gëtt an am Kader vun deem, via déi reegelméisseg Bilansgespréicher um Ënn vun all Trimester, soll séchergestallt ginn, datt d'Elteren iwwert déi néideg Informatioune verfügen, fir eng Decisioun a puncto Orientatioun vun hirem Kand kënnen ze huelen.

Déi geréng Unzuel un Divergenzen tëscht der Decisioun vun der pedagogescher Equipe an där vun den Elteren am Kontext vum Passage vum Enseignement fondamental an den Enseignement secondaire weist, datt dat intensiivt Forméieren a Matabanne vun den Elteren no der aktueller Virgoensweis seng Friichten dréit, wat dofir schwätzt, den Trimestermodell an der Grondschoul bäizebehalen.

Lëtzebuerg, den 8. Mäerz 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH